N°8116
Entrée le 30.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.06.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 30. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

De 15. Mäerz 2021 huet d'Madamm Justizministesch dem RTL géintiwwer gesot, datt d'Hallschent vun de Leit, déi zu Schraasseg sinn, net Residenten zu Lëtzebuerg sinn. Doriwwer eraus huet d'Madamm Minister gesot, datt si dës Zuelen och ongeféier fir d'Untersuchungshaft bestätege kéint.

An deem Kontext an zwee Joer duerno wier et intressant ze wëssen, wéi sech d'Verhältnis vun den eenzelen Nationalitéiten am Prisong zu Schraasseg, am Prisong zu Suessem an an der oppener Betreiungsstruktur zu Givenich gestalt.

Ech wéilt der Madamm Justizminister dofir dës Froe stellen:

1. Opgeschlësselt op de Prisong zu Schraasseg, opgeschlësselt op de Prisong zu Suessem an opgeschlësselt op d'Betreiungsstruktur zu Givenech: A wéi enge Länner haten déi verschidden aktuell Gefaangener, respektiv, ze betreiend Persounen, hire leschte Wunnsëtz? Kann d'Madamm Minister dozou eng Tabell presentéieren?
2. Wéi vill Persounen, déi zu Lëtzebuerg verurteelt gi sinn, sëtzen aktuell hir Strof an engem Prisong am Ausland of? Wéi vill Persounen, déi am Ausland verurteelt gi sinn, sëtzen aktuell hir Strof an engem Prisong zu Lëtzebuerg of?
3. Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung pro Nationalitéit vun de Gefaangenen, respektiv, den ze betreiende Persounen, zu Lëtzebuerg - opgeschlësselt op de Prisong zu Schraasseg, opgeschlësselt op de Prisong zu Suessem an opgeschlësselt op d'Betreiungsstruktur zu Givenech? Kann d'Madamm Minister och dozou eng Tabell presentéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten